



Le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Vu le règlement grand-ducal modifié du 24 octobre 2011 fixant les conditions d'admission au stage, le déroulement du stage et l'examen de fin de stage ouvrant l'accès aux fonctions de formateur d'adultes, notamment le chapitre 1er.- L'examen-concours d'admission au stage des fonctions de formateur d'adultes ;

Arrête :

Article unique. - Pour la fonction de formateur d'adultes en enseignement théorique A1, spécialité « luxembourgeois », le concours de recrutement comporte les trois épreuves de classement suivantes :

1. Une dissertation en langue luxembourgeoise

L'épreuve, d'une durée de 4 heures, est dotée du coefficient 1. L'usage de dictionnaires ou d'autres ouvrages de référence n'est pas autorisé.

Le sujet aura une portée générale et permettra au candidat de démontrer ses compétences langagières et rédactionnelles.

La longueur de la dissertation sera de 1200 mots avec une tolérance de 10 pour cent. Le nombre de mots est à indiquer par le candidat.

Le jury appréciera l'aptitude du candidat à exposer et à enchaîner les idées, ainsi que la correction, la clarté et l'élégance de la langue.

2. Une étude grammaticale et linguistique sur base d'extraits de textes.

L'épreuve, d'une durée de 3 heures, est dotée du coefficient 1. L'usage de dictionnaires ou d'autres ouvrages de référence n'est pas autorisé. Le candidat disposera d'un lexique des termes techniques de la grammaire luxembourgeoise (cf. annexe).

Le candidat fera preuve d'une bonne compréhension des extraits de textes à travers une analyse, mettant en évidence les aspects grammaticaux et linguistiques principaux, suivie d'un développement en lien avec les extraits de textes et d'une analyse d'erreurs. Il devra pouvoir recourir à une connaissance solide du luxembourgeois, de ses structures grammaticales et de ses expressions idiomatiques. La correction de la langue, l'appropriation des termes employés, l'identification des traits grammaticaux et linguistiques, la justesse des expressions, l'élégance et l'aisance du style seront des critères déterminants dans l'appréciation de l'étude grammaticale et linguistique.



3. Analyse d'un texte littéraire (en prose, poétique ou dramatique) ou de teneur générale (épreuve orale).

Le candidat disposera de 90 minutes pour sa préparation et d'environ 30 minutes pour la présentation au jury. L'épreuve est dotée du coefficient 2.

Le candidat aura le choix entre deux textes en langue luxembourgeoise comportant chacun un questionnaire, portant sur les particularités linguistiques (vocabulaire et grammaire) et le contexte dans lequel les écrits se situent.

Lors de sa présentation, le candidat exposera ses réponses aux questions, en situant les textes dans un contexte historique, social et littéraire et répondra aux questions éventuelles du jury.

La méthode de l'analyse, laissée à la discrétion du candidat, devra tenir compte des caractéristiques essentielles du texte. L'exposé sera cohérent, structuré, et témoignera du niveau de la culture générale et de la compétence littéraire et linguistique du candidat qui parlera aussi librement que possible, tout en ayant le droit de se servir de ses notes.

Le jury appréciera le contenu et la forme de l'exposé, mais aussi l'aisance du discours et des réponses aux questions du jury.

Luxembourg, le 23 DEC. 2021

Le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Claude MEISCH

Concours de recrutement en luxembourgeois (formateur d'adultes)

Epreuve grammaticale et linguistique

- Fachbegrüffer -

1. De Laut (Phoneetik)

Laut:

- Ulaut
- Bannelaut
- Auslaut
- Émlaut
- Vokal
- Diphthong
- Konsonant

Silb:

- oppen - zouen
- betount - onbetount

Akzent / Accent (Betounung):

- Wuertakzent
- Sazakzent
- Intonatioun
(Sazmelodie/Stëmmféierung)

2. D'Rechtschreiwung (Orthografie), d'Zeechesetzung (Interpunktioun)

Sazzeechen:

- Punkt
- Stréchnpunkt (Semikolon)
- Komma
- Froenzeechen
- Ausruffzeechen

- Doppelpunkt
- Gedankestréch
- Gänseféisercher
- Bindestréch
- schife Stréch
- Apostroph

3. D'Wuert (Morphologie)

Wuertbildung:

- Stamm
- Ablaut, Vokalwiessel
- Affix / Affigéierung
 - Prefix / Prefigéierung
 - Suffix / Suffigéierung
 - Zirkumfix / Zirkumfigéierung
- Ofleedung / Derivatioun
- Zesummesetzung / Kompositioun
 - Bestëmmungswuert
 - Grondwuert
- Konversioun
- Kierzung
 - Akronymie
- Sigel
- Zesummenzéierung / Kontraktioun
- formikonescht Wuert
- Réckbildung
- Iteratioun
- Neischöpfung
- Amalgaméierung
 - Kontaminatioun
 - Wuertkräizung
 - Wuertmëschung
 - Wuertverschmëlzung
- Onomatopée / Lautmolerei

Wuertarten:

- Flexioun
 - Deklinatioun
 - Konjugatioun / Conjugaisoun
 - Komparatioun
- flektéiert - onflektéiert
- Flexiounsending
- Nomen / Substantiv
 - Deklinatioun
 - Genus
 - männlech
 - weiblech
 - sächlech
 - Numerus
 - Singulier
 - Pluriel
 - Kasus (Fall)
 - Nominativ
 - Akkusativ
 - Dativ
 - (Genitiv)
- Artikel
 - bestëmmt - onbestëmmt
 - Vollform - reduzéiert Form
- Pronomen
 - Personalpronomen
 - Reflexivpronomen
 - Demonstrativpronomen
 - Possessivpronomen
 - Interrogativpronomen
 - Relativpronomen
 - Indefinitpronomen
- Numeralia / Zuelwierder
 - Kardinalzuel (Grondzuel)
 - Ordinalzuel (Uerdnungszuel)
- Adjektiv
 - flektéiert - onflektéiert
 - Komparatioun
 - Vergläichsniveauen
 - Positiv
 - Komparativ
 - Superlativ
- Verb
 - Konjugatioun / Conjugaisoun
 - Hëllefverb / Auxiliaire
 - Modalverb
 - Stammformen
 - reegelméisseg - onreegelméisseg
 - Personalform
 - finit / infinit Verbformen
 - Infinitiv
 - Participe passé
- Persoun
- Numerus
 - Singulier
 - Pluriel
- Genus verbi
 - Aktiv - Passiv
- Modus
 - real
 - irreal
 - potential
 - Indikativ
 - Konjunktiv / Conditionnel
 - einfache Conditionnel / Konjunktiv (2) (Konjunktiv Preteritum
 - zesummegegate Conditionnel / géif-Konjunktiv
 - Conditionnel passé composé / Conditionnel passé / Konjunktiv Plusquamperfekt / Konj. Preteritumperfekt
 - Imperatif / Imperativ
- Tempus
 - Present / Presens
 - Passé composé / Perfekt
 - Imparfait / Preterit / Preteritum / Imperfekt
 - Plus-que-parfait / Plusquamperfekt
 - Modale Futur 1 / wäert-Futur
 - Modale Futur 2 / wäert-Futurperfekt
- Zäitstuf
 - Géigewaart
 - Vergaangenheet
 - Zukunft
- Zäitverhältnes
 - gläichzäiteg
 - virzäiteg
 - nozäiteg
- Prepositioun
- Adverb
- Konjunktiv
- Konjunkionaladverb

4. De Saz (Syntax)

Grammatische Funktionen:

- Prädikat
 - Prädikativ
- Subjekt
- Objekt
 - Dativobjekt
 - Akkusativobjekt
 - Prepositionalobjekt
- Adverbial
 - temporal
 - lokal
 - direktional
 - modal
 - kausal
 - konditional
 - konzessiv
 - konsekutiv
 - final

Attribut

Einfache Satz

Hypotax vs. Paratax

Teilsatz a Satzglieder

- Hauptsatz
- Gliedsatz
- Subjektsatz
- Objektsatz

• Adverbialsatz

- Temporalsatz
- Lokalsatz
- Instrumentalsatz
- Modalsatz
- Kausalsatz
- Konditionalsatz
- Konzessivsatz
- Adversativsatz
- Konsekutivsatz
- Finalsatz
- Komparativsatz
- Attributsatz
- Formal-Ändernde Teilung von Nennsätzen:
 - indirekte Nennsätze
 - Konjunktionalsatz
 - Relativsatz
 - Partizipialsatz
 - Infinitivsatz

Satzarten:

- Aussagesatz
- Nennsatz
- Wunsch-, Befehls-, Imperativsatz
- Ausrufesatz

5. Die Bedeutung (Semantik)

Bedeutung:

- denotativ
- konnotativ
- assoziativ

Sprachliche Zeichen

Verbindung von Lautbild/Schriftbild a Bedeutung

Semantische Merkmale /

Bedeutungsmerkmale:

- Oberbegriff
- Unterbegriff
- Synonym
- Antonym
- Homonym
- Wortfeld
- Sachfeld

• Wortfamilie

• Kontext

- textintern - textextern
- Metapher (übertragene Bedeutung)

• Lehnwort

• Integration

- Zitatwort
- Lehnwort / geläufiges Wort
- Fremdwort

Exemples d'épreuves



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

EXAMEN CONCOURS RECRUTEMENT
FORMATEUR D'ADULTES
en enseignement théorique
PREMIÈRE ÉPREUVE ÉCRITE

SPÉCIALITE: Lëtzebuergesch

DATE : 25.04.2022

DURÉE 4 Stonnen

BRANCHE:

An der Ausgab vum 24. November 2017 vum Lëtzebuenger Land konnt een an engem Artikel vum Romain Hilgert Follgendes liesen:

"Sprache ist bis in die Orthografie hinein politisch. „Die Luxemburger wissen, dass die Sprache ein wichtiges Element ihrer Identität ist, aber auch Nicht-Luxemburger in Luxemburg wissen, dass die Sprache zu unserem Land gehört und damit auch ein Stück ihrer Zukunft und der Zukunft ihrer Kinder ausmacht“, meinte Erziehungsminister Claude Meisch (DP) vergangene Woche, nachdem das Regierungskabinett ein Projet de loi sur la promotion de la langue luxembourgeoise auf den Instanzenweg gegeben hatte. Die Regierung hatte das Gesetz Ende Januar versprochen, als ein Angestellter des Gemeindesyndikats Sigi, Lucien Welter, über die Internetseite des Parlaments 14.702 Unterschriften gesammelt hatte, damit das Luxemburgische zur ersten Amtssprache werde und somit alle politisch und ökonomisch Sprachlosen ihr einziges Bildungsprivileg gegen Einwanderer und Grenzpendler ausspielen könnten (d'Land, 20.1.2017)."

Reflektéiert iwwert d'Entwécklung vum Lëtzebuenger senger Astellung zum Thema Sprooch. (Sproochpraktiken, Sproochideologien, Sproochpolitik etc.) Wat fir en Impakt huet dat op d'**Identitéitskonstruktioun** vum Lëtzebuenger? Gitt op d'Zitat an a setzt Iech kritesch mat dësem Thema auserseen a beschreift, wéi dëst sech am Laf **vum leschte Jorhonnert bis haut** an der Gesellschaft, Politik an de Lëtzebuenger Literaturen erëmgespigelt huet. Ënnermauert Är Ausféierung mat **konkrete Beispiller** aus de Lëtzebuenger Literaturen.

(Schreift ongeféier 1200 Wieder.)



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

EXAMEN CONCOURS RECRUTEMENT
FORMATEUR D'ADULTES
en enseignement théorique
DEUXIÈME ÉPREUVE ÉCRITE

SPÉCIALITE: Lëtzebuergesch DATE : 27.04.2022 DURÉE 3 Stonnen

BRANCHE:

Josiane Kartheiser : D'Naschthockerten

Éischte Personnage kënnt op d'Bühn

P1: Okay, de Problem ass bekannt: Ëmmer méi Elteren hunn haut Méi, hir erwuesse Kanner aus dem Haus ze kréien. Fir d'éischt emol studéiere se endlos laang, d'Eltere kënnen sech dat jo leeschten, an da fanne se keen Job, well s'iwwerqualifizéiert sinn, a wa se dann endlech een hunn, ass d'Pai ze niddereg, fir e Loyer ze bezuelen, also bleiwe se weider doheem wunnen. Well do geet et e jo och gutt! D'Mamm mécht en d'Wäsch an d'Streck, op d'mannst wann et Jonge sinn, se brauchen näischt erauszeréckele wéi déi Generatioune virdrun, kënnen hir Suen - wa se der verdéngen - an hiren Auto, hiren Handy, hir Vakanz an Discoe stiechen, de Frëndchen oder d'Frëndin kënnen se jidder Zäit mat heem bréngen, et ass ee jo schliisslech modern an opgeschloss, an esou bleiwe se doheem hänken. D'Jore verginn a wann d'Elteren es definitiv genuch hunn an endlech och emol e bèsse méi Fräiheet an Onofhängegkeet wëllen, ass et ze spéit, all Gejéimers a Gekloots notzt en näischt méi.

Luucht aus op dësem Personnage, deen ofgeet. Luucht un op zwee neie Personnage (Jonker), déi vun där anerer Saït op d'Bühn kommen.

P2: Typesch! Hutt Dir dat elo héieren?! An all Mënsch gleeft déi Klischeeën natierlech! Dofir soe mir Iech elo emol, wéi dat a Wierklechkeet ausgesäit: Et fänkt schonn un, wann s d'op d'Uni gees. Se soll méiglechst no sinn, fir datt s d'all Weekend heem komme kanns.

P3: An Zukunft wäerte mer wuel all zu Esch-Belval landen.

P2: Déi ganz Studentieromantik geet flecten, keng verréckte Klamotte méi, keng chaotesch WG méi, schéin ugepasst an alles propper a renglech vun der Mamma gewäsch a gestreckt, et wëllt ee sech jo net schumme mussen.

P3: Déi verlaangte Mobilitéit féiert eis just bis op Tréier, do kréie mer dann eis „Ouverture d’esprit“ a kënnen tëscht zwee Weekender doheem och nach an der Woch eng Kéier mat den Herrschaften am Kaufhof ze Mëtteg iessen.

P2: A vun do aus geet et riicht an de Chômage, an d’Stagen, d’Ee-Jores-Kontrakter, woumat se natierlech e gutt Argument hunn, fir eis weider doheem ze halen.

P3: Dat ass nach ëmmer méi bëlleg, wéi eis de Loyer fir en Appartement ze bezuelen. An, loosse mer éierlech sinn, et ass jo och kammoud. De Frëndche bleift bei senger Mamma wunnen, du bleifs bei denger, an domat hutt der zwee Schlofzëmmeren, alternative Breakfast Service an alternatiivt Personal. Et ass perfekt!

P2 *geet zweemol op an of, gëtt ëmmer méi queesch.*

P2: Et wier perfekt, wann déi Naschthockerte vun Elteren enges Daags begräife géifen, datt se net méi gefrot sinn, an et un der Zäit ass, datt se ginn. Schliisslech kënnen se net éiweg doheem hucken, iergendwann hues de véierzeg Joer an d’Eltere wunnen nach ëmmer an hirem eegenen Haus, also bei dir, an du muss nach ëmmer maachen, wéi wann s d’ouni si net existéiere kéints. Dobäi géif eng Botzfra esou gutt strecke wéi d’Mamm an net de Märtyrer spillen, well d’Botzfra géifs de jo bezuelen, well an der Tëschenzäit huet jo awer esouguer dee Kammoudsten eng Plaz fonnt.

P3 *fält em an d’Ried.*

P3: Mä du muss awer nach ëmmer dengen Elteren d’Gefill ginn, datt s de se brauchs, datt se onentbierlech sinn, datt s de net op eegene Féiss stoe kanns!

P2: Vru fënnef Joer, wéi meng op eemol déi verréckten Iddi haten, sech a Spuenien e Vakanzhaus ze kafen, hunn ech s’encouragéiert esou gutt wéi ech konnt. Wann ech d’Pensioun hunn, gi mer dohinner wunnen, sot mäi Papp. An der Tëschenzäit huet e se schonn zanter zwee Joer, ma se hänken nach ëmmer bei mir am Haus. A wahrscheinlech ginn ech se net lass, bis datt se zeideg si fir an d’Altersheem. Ech weess, wéi et geet: enges Daags sinn ech esou midd, datt ech einfach plënneren.

P3 *gëfteg:* Dann hu se dat dovun, déi al Naschthockerten!

Aus : KARTHEISER, Josiane : Mäi léiwen Alen! [...]. Autoédition, 2007, S.85-87.

Beäntwert follgend Froen:

(Är Erklärunge sollen esou ausféierlech wéi méiglech sinn.)

1. Wat wësst Dir iwwert d'Josiane Kartheiser an hiert Wierk? Kennt Dir nach aner Wierker vun hir? (2,5 Punkten)

Wat kann een iwwert de virleienden Extrait soen? Wat fir enger literarescher Kategorie géift Dir en zouschreiwen? (1,5 Punkten)

(4 Punkten)

2. Bestëmmt all d'Wuertaarten aus dem follgenden Abschnitt (Wann no der aktueller Orthografie Feeler dra stinn, da verbessert se):

„Typesch! Hutt dir dat elo héieren? An all Mënsch gleeft déi Klischeeën natierlech! Dofir soe mir Iech elo emol, wéi dat a Wierklechkeet ausgesäit: Et fänkt schonn un, wann s d'op d'Uni gees. Se soll méiglechst no sinn, fir datt s d' all Weekend heem komme kanns.“

(Zeile 18 - 20)

(5 Punkten)

3. Erkläert de Sënn vu follgende Wierder a Riedensaarten, gebraucht se an engem Beispillsaz a gitt mindestens 1 Synonym dofir :

- 1) *op eegene Féiss stoen* (Z. 53) (0,5 Punkten)
 - 2) *queesch* (Z. 40) (0,5 Punkten)
 - 3) *Klamotten* (Z. 24) (0,5 Punkten)
- Wat kënnt Dir iwwert d'Hierkonft vum Wuert soen? Erkläert! (1 Punkt)
- 4) *fält em an d'Ried* (Z. 50) (0,5 Punkten)

(3 Punkten)

4. Kuckt Iech dëse Sazdeel un:

„Luucht un op zwee neie Personnagen (Jonker)...“ (Z. 15 - 16)

Wat ass de grammatikaleschen an de sënngeméissen Ënnerscheed tëschent deem Saz an der Variatioun „Luucht un op zwee nei Personnagen (Jonker).....“? Wéi gebrauche mer se?

(1,5 Punkten)

5. *Gejéimers a Gekloots* (Z. 13): Bestëmmt dës Wierder a sot, wat fir eng spezifesch Eegeschaften se hunn.

Wéi gebrauche mer se?

(1,5 Punkten)

6. Fannt 1 Schreiffeeler am Text an erkläert e mat Hëllef vun der passender orthografescher Reegel. (en anere Schreiffeeler wéi an der Fro 2)

(1 Punkt)

7. Wat fir ee Stellewäert sollt Ärer Meenung no d'Literatur am Laf-Unterrecht hunn ?

Wéini a wou géift Dir se konkreet asetzen ? (schreift ongeféier 300 Wierder)

(4 Punkten)